PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Justiz weiderzeleeden.

An der Fro 5365 hat ech der Inneministesch verschidde Froen iwwert de Gebrauch vum Huis Clos am Gemengerot gestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Ministesch erkläert, dass den Inneministère guer keng Donnéeën iwwert de Huis clos erhieft an dass d'Gemengegesetz a sengen Artikelen 19 an 21 de Gebrauch vum Huis clos reegelt.
    1. Wéi oft huet den Inneministère, als Autorité de Tutelle, an de leschten 10 Joer Gemengerotsdecisiounen annuléiert, well d'Dispositiounen vum Huis clos net respektéiert goufen? (Art. 103 an 104 vum Gemengegesetz)
    2. Wéi oft huet d'Justiz an de leschten 10 Joer Gemengerotsdecisiounen annuléiert?
    3. Wéi oft huet d'Justiz an de leschten 10 Joer Decisioune vum Inneministère betreffend Gemengerotssitzungen annuléiert?

2. D'Inneministesch bestätegt an hierer Äntwert, dass informell Aarbechtssëtzungen däerfen ofgehale ginn. Wéi eng legal Dispositiounen am Gemengegesetz oder auswäerts reegelen dës informell Aarbechtssitzungen a wéi eng Inhalter dierfen deemno an informellen Aarbechtssëtzungen behandelt ginn?

3. Den Artikel 21 vum Gemengegesetz präziséiert als Grond fir de Gebrauch vum Huis clos "des considérations d'ordre public ou à cause d'inconvénients graves". An der Sitzung vun der Gemeng Déifferdeng vum 27ten Oktober 2021 gëtt vun engem "kontroversen Thema" geschwat. Ass d'Konditioun vum Artikel 21 an den Ae vum Inneministère, domadder erfëllt an ee Huis clos an esou engem Fall berechtegt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député